N°3855
Entrée le 30.03.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 31.03.2026
Chambre des Députés

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 30. Mäerz 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil weiderzeleeden.

Laut Informatiounen, déi eis zougedroe goufen, sollen an der Flüchtlingsstruktur zu Zolwer aktuell eng Rei Persounen e Bréif kritt hunn, mat deem si opgefuerdert goufen, d'Struktur ze verloossen. Dëst géif och Famille mat Kanner betreffen.

An deem Kontext géinge mir dem Här Minister follgend Froe stellen:

- Ass dem Ministère déi aktuell Situatioun bekannt, an där eng gréisser Unzuel vu Persounen an der Struktur zu Zolwer opgefuerdert goufen, d'Struktur ze verloossen?
- Wann jo, sinn ënnert dëse Leit och Famille mat Kanner?
- Wéini genau sinn dës Bréiwer verschéckt ginn?
- Wéi vill Persoune si vun dëser Mesure betraff a goufen opgefuerdert, d'Struktur ze verloossen?

Mat déiwem Respekt

| | | |
|---|---|---|
| Yves Cruchten | Paulette Lenert | Liz Braz |
| Deputéierten | Deputéiert | Deputéiert |

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu